



SOZIAL BA






Och wann mer eis net dierfe mat eise Frënn treffen, hält dat eis net dovun of, zesummen eppes ze maachen.

Dofir ginn et vill verschidden Aktivitéiten déi ee ka maachen. Nieft Videokonferenzen iwver Skype, Discord oder Hangouts kann een awer och matenee spillen. Dëst kann een entweder am online Multiplayer op senger Konsolle mat sengem Clan oder Frënn maachen oder iwver Browser Games. Där ginn et der vill a mir hunn iech hei 1 erausgesicht, wat eis Spass gemaach huet.

De Site ass **skribbl.io**

Dat ass en Spill wei Pictionary, just eben online, et kann ee säi Clan/seng Frënn via en Invite Link invitéieren an da spillen. Vir mat senge Leit ze spille muss een en private Room erschafen an de Link kopéieren an un déi Leit per Email weiderschécken, déi wëlle matspillen.



Lued eng Foto vun denger Aktioun op lgs.lu/scoutendoheem erop.

